# Pressecommuniqué

1. Juli 2025

DEMOKRATESCH PARTEI

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

**Eng Steierreform, déi jidderengem eppes bréngt.**

D'DP setzt sech zanter laangem fir d'Individualiséierung vun der Besteierung an. Déi Reform, déi och am Koalitiounsaccord steet, gëtt elo endlech lancéiert, wat mir ausdrécklech ënnerstëtzen.

Déi eenheetlech Besteierung wäert d'Liewe méi gerecht maachen: Fir de jonke Single, deen an d'Berufsliewe start. Fir d'Koppel, déi eng Famill grënne wëll. Fir déi elengerzéiend Mamm an och fir de Mënsch, deen nom Dout vum Partner op sech eleng gestallt ass.

Déi nei, vill méi einfach a gerecht Besteierung wäert et jidderengem erlaben, säi Liewe besser ze plangen an esou d'Villfalt vun eiser Gesellschaft erëmspigelen. Kee bestëmmte Liewensmodell a keng Liewenssituatioun ginn dobäi favoriséiert. Et muss och kee méi fäerten, duerch de Wiessel an eng aner Steierklass a Schwieregkeeten ze geroden.

Déi grouss Piste vun der Steierreform, déi haut an der Finanzkommissioun vun der Chamber virgestallt gi sinn, sinn d'Suite vun der konsequenter Linn, déi d'DP scho jorelaang an deem Dossier vertrueden huet.

Grouss Reforme brauchen eng Visioun, ma och de richtegen Ament fir an d'Realitéit ëmgesat ze ginn.

D'Ziler vun der Steierreform sinn:

- eng eenheetlech Steierklass fir all Mënsch,
- eng däitlech Vereinfachung op administrativem Niveau,
- eng laang Iwwergangsperiod, fir dass keen eppes muss bäileeën.

Eis Kanner musse bei dëser Gesellschaftsreform am Mëttelpunkt stoen. Dofir ënnerstëtzt d''DP jidder Efforten, fir dass iwwer d'Individualiséierung eraus nach eppes fir Famillje mat Kanner gemaach gëtt.

**Well et ëm muer geet.**

# Communiqué de presse

1er juillet 2025

DEMOKRATESCH PARTEI

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

**Une réforme fiscale qui profite à chacun.**

Depuis de nombreuses années, le DP plaide en faveur d'une fiscalité individualisée. La réforme prévue dans l'accord de coalition est désormais en voie de concrétisation – une évolution que nous soutenons pleinement.

Cette imposition unifiée contribuera à rendre la vie plus juste : pour le jeune célibataire qui entre dans la vie active, pour le couple qui souhaite fonder une famille, pour la mère qui élève seule ses enfants, comme pour la personne confrontée à la solitude après la perte d'un partenaire.

Ce nouveau système fiscal, à la fois plus simple et plus équitable, permettra à chacun de mieux organiser sa vie, tout en reflétant la diversité de notre société. Aucun modèle de vie ne sera avantagé. Et surtout, plus personne ne devrait risquer de se retrouver en situation de précarité simplement à cause d'un changement de classe d'imposition.

Les grandes lignes de cette réforme, présentées aujourd'hui en commission des finances à la Chambre des Députés, s'inscrivent dans la continuité de la position cohérente que le DP défend avec constance depuis des années. Les réformes d'ampleur demandent une vision claire et le discernement du moment opportun.

Les objectifs de la réforme sont clairs :

- une classe d'imposition unique pour chaque contribuable,
- une simplification significative sur le plan administratif,
- une période de transition suffisamment longue pour que personne ne soit désavantagé.

Nos enfants doivent être au cœur de cette réforme sociétale. C'est pourquoi le DP soutient toutes les initiatives visant à aller au-delà de l'individualisation, afin d'apporter un soutien renforcé aux familles avec enfants.

**Agir aujourd'hui, c'est préparer demain.**